# Rapport Réunioun Commission Jeunes vum 13te Mee 2024

*Präsenzen:* Engels Romain, Godart Suzie, Kruchten Guy, Magar Claude, Schmit Marco, Schmitz Marco, Schroeder Lex, Spautz Richard (Vertrieder CA), Raach Serge, Urban Steve

*Excusé:* Elsen Pierre

---

1. *Approbation du rapport de la réunion du 15 avril*

   De Rapport gët esou vun alle Membere gutt geheesch a kann um Site vun der FSCL publizéiert ginn.

2. *Agenda pour le futur: fixation d'une réunion avec les responsables FSCL afin de mettre sur pied un agenda pluriannuel - projets - conceptions - visions*

   D'Suzie ersetzt de Richard Spautz e Mëttwoch an der Sitzung vum CA a freet eng Réunioun mat dem Fränk Schleck, dem Christian Helmig an dem Florian Salzinger fir ënner anerem folgend Punkten ze beschwätzen :

   - Spillfest vum COSL
   - Material fir e Geschécklechkeetsparcours ze bauen (Fotoe vun engem BDR-Parcours zu Aachen huet de Florian an d'FSCL-Equipp vum COSL-Spillfest per Whatsapp vum Suzie krit)
   - Kanneraktivitéite bei  Coursen
   - Integratioun vu behënnerte Kanner bei esou Aktivitéiten
   - Chronosystem fir d'Trophée Jeunes (iwwert e Sponsorat ze finanzéieren ?)
   - Minimes/Cadets bei d'Jeunes intégréieren ?
   - « Equipement vestimentaire » fir d'Membere vun der Kommissioun fir offiziell Optrëtter bei den Epreuven, Technikofzeechen etc. E Polo an eng Softshell Jaquette wier ideal. De Lex Schroeder freet mol schon en Devis bei G-Art un.

3. *Validation rapport de courses Schifflange et Dippach*

De Richard Spautz war Delegéierten op dëse Course a gët de Membere vun der Kommissioun e kuerzen Iwwerbléck iwwert den Oflaf.
Zu Schëffléng ware keng spezifësch Virfäll waren (keng schlëmm Chuten asw.) an de Rapport gëtt vun alle Membere guttgeheescht.

Zu Dippech gouf ët Problemer mat dem Resultat. Hei dem Richard Spautz séng Remarque, déi hien och esou op de Rapport vermierkt huet, wouropshin d'Kommissioun och dëse Rapport gutt geheescht huet.

Remarque.

Beim Opruffen vun de Kanner war nach kee Klassement disponibel. wéi et endlech do war,
war ee Feeler an enger Kategorie. Fir datt d'Kanner net ze laang brauchen ze waarden hun ech bei de Bami 1 gefrot wien den 1., 2., 3., a wien dat éiacht Meedche war. An der Tëschenzäit as d'Klassement ukomm an d'Kanner konnten dem Klassement no opreuf gin. Do war nach ee Feeler bei Bambi 3. De Majerus Franz as als DNF klasséiert gin no de Lëschten wa hien den 8. Op der Lëscht gouf et awer keen 8. D'Lëscht as no der Reklamatioun bei der FSCL verbessert gin an och esou op eise Site gesaat gin.

Wëll de Rapport dee momentan benotzt gët, nët onbedéngt méi zäitgeméiss ass, wäert de Richard Spautz eng verbessert Versioun (am Stil vun dem Formulaire de Decharge parentale, mat eise Logoen asw.)opsetzen a bei eiser nächster Réunioun präsentéieren.
De Formulaire vun der Decharge parentale soll de Florian Salzinger esou op den Internet setzen an och un all Veräiner erausschécken.
Bei däer Geléenheet soll hien och d'Changementer vum Règlement Jeunes, déi an der läschter Sitzung beschwat goufen, um Site änneren a bäschtefalls och de Veräiner schécken.

4. *Listing Matériel insigne technique*
   Am Unhang vum Rapport d'Lëscht vum Material déi mir bei eisem läschten Technikofzeeche gemat haten. Iwwert dëst Material an och Rampe fir e Geschécklechkeetsparcours soll am

Detail an der Réunioun mat de Vertrieder vun der FSCL (Punkt 2 vun dësem Rapport) geschwat ginn.

5. *<u>Info « Crash-cours » de ce que le délégué doit faire sur une épreuve jeunes</u>*

   De Richard Spautz huet e kuerze Virtrag iwwert d'Missioune vum Delegéierte gehal, den Aide-mémoire as am Unhang vun dësem Rapport.

6. *<u>Planning délégués épreuves jeunes</u>*

   Zousätzlech zu dem Richard Spautz an dem Ed Wagner, sin d'Leit vun der Kommissiou ofwiesselnd op deenen nächsten Epreuven op der Plaz:
   8.6 an der Millebaach Claude Magar a Guy Kruchten
   9.6 am Atertdall Lex Schroeder
   15.6 zu Bartréng Suzie Godart
   13.7 zu Diekirch Romain Engels
   21.9 zu Wolz Serge Raach a Steve Urban
   28.9 zu Schéffleng Suzie Godart (à voir)
   5.10 zu Dippech Lex Schroeder
   12.10 zu Miersch Marco Schmitz

7. *<u>Abolition éventuelle catégories minimes/cadets : intégration dans le règlement jeunes</u>*
   Dëse Punkt soll zesumme mat de Verantwortleche vun der Federatioun diskutéiert ginn (Punkt 2 vun dësem Ordre du jour)
8. *<u>Chronorace ou autre système de chronométrage pour épreuves jeunes</u>*
   No de Problemer mat de Klassementer op der Course zu Dippech si sech d'Membere vun der Kommissioun eens fir e System vum Genre « chronorace » ze sichen. Den Atertdall huet op hirer Course fir esou e System ronn 500 Euro bezuelt. Fir déi 12 Epreuves Jeunes am Joer wieren daat ongeféier 6000 Euro. D'Membere vun der Kommissioun wäerten an den nächste Wochen kucken e Sponsor ze fannen, deen dann och dem

Trophée Jeunes den Numm wäert ginn (wéi deemols den Zack-, respektiv Yuppis-Trophy).
Och dëse Punkt soll op der Versammlung mat de Verantwortléche vun der Federatioun (Punkt 2) ugeschwat ginn.

9. *<u>Etat des lieux « Fächer Technikabzeichen »</u>*

De Florian Salzinger huet der Kommissioun d'Offer vun der Firma Set-Up zougeschéckt. D'Membere vun der Kommissioun sin eestëmmeg derfir dës Offer unzehuelen, dat de Fächer endlech publizéiert gëtt. De Florian soll just nofroen, op ët liicht plastifizéierte Pabeier ass.

10. *<u>Verschiddenes :</u>*

De Romain Engels bericht, dat d'LP Millebaach sech aus der Organisatioun vum Technikofzeechen den 9ten November zeréck, wëll d'Hal Victor Hugo an der Stad nët disponibel ass, d'Trailhunters, déi dëst Technikofzeechen orgaiséieren, sollen an deem Fall eng aner Hal ufroen. D'Däichhal zu Ettelbréck gët als méiglech Alternative genannt.
D'Suzie, de Romain an de Richard maachen der Kommissioun e kuerze Rapport vum Spillfest vum COSL, och dëst Thema muss fir d'Zukunft zesumme mat der Federatioun diskutéiert ginn. D'Federatioun huet sech op alle Fall super présentéiert an op dëser Basis léisst sech opbauen.
De Frank Schleck huet suwuel de Lex Schroeder wéi och de Marco Schmitz gefrot, fir dat mir als Komissioun e Parcours fir Kanner op der Gran Fondo encadréieren.
Fir dëst Joer ass leider näischt méiglech, déi meescht vun eise Leit si fort, deen Dag fänkt d'Pëngschtvakanz un, oder hunn aner PLäng.

Fir daat nächst Joer léisst sech doriwer diskutéieren, mee laang genuch am Viraus.  Et wier esou guer méiglech e Parcours d'adresse compétitif, deen zum Trophée Jeunes géif gehéieren, unzebidden. Do misst dann de Fränk daat iwwert säi Veräin oder dee Munneréfer ufroen. Virdrun, respektiv duerno kënnt ët da freie Parcours sinn, fir déi Kanner wou nët Course fuere wëllen. Och dëse Punkt ass op den OdJ fir d'Entrevue mat de Verantwortleche vun der Federatioun ze setzen (Punkt 2).

*Nächst Versammlung:*

Méindes den 10te Juni  um 19h00 um éischte Stack am Gebäi vum Stade Boy Konen an der Stad (Zéisseng).